mouvement écologique

Un
de Nohaltegkeetsministère
de Landwirtschaftsministère
de Fonds d'urbanisation du Kirchberg
d'Stad Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. Oktober 2017

Betrëfft: Pestizidasaz op Terraine vum Fonds du Kirchberg

Madame Minister, Här Minister, Madame Buergermeeschter, Dir Dammen an Hären,

Als Mouvement Ecologique si mäer vun enger Rei Leit drop ugeschwat ginn, datt um Kierchbierg op Terrainen / Ackerfläche vun dem Fonds d'urbanisation relativ massiv géife Pestiziden agesaat ginn.

Dir fannt en Annexe e.a. eng Rei Fotoen an och e Schreiwes déi mäer derzou vum Syndikat kruten.

Mir sinn erféiert, datt op Flächen déi der ëffentlecher Hand gehéieren – direkt nobäi Quelleschutzgebidder – där Pestiziden ausbruecht ginn.

Dëst desto méi, well d'Gesetz iwwert d'Pestizide («**Loi du 19 décembre 2014 relative aux produits phytopharmaceutiques »)** kloer reegelt: *« L'application de produits phytopharmaceutiques dans les espaces publics est interdite à partir du 1 er janvier 2016 ».*

A soufern sollt / misst de Fonds du Kirchberg och, am Sënn vum Gesetz, entspriechend Oploen un d'Pächter maachen.

Duerfir wollte mir nofroen :

- Erlaabt de Fonds du Kirchberg a senge Pachtverträg d'Ausbrénge vu Pestiziden ?
- Wa jo, gëtt un e Verbuet geduecht ? Wat as de Rôle vum Nohaltegkeetsministère, als Ministère de Tutelle vum Fonds du Kirchberg ?

Mat beschte Gréiss

Blanche Weber
Presidentin